

Rapport Referees' Commission - 22.02.2022

Present : Frieden, Geib, Keiffer, Nesser, Simonelli, Volz, Weinzierl, Weber

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Kröpelin

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 03.01.2022.**

2) **Cours fir C-Arbitter (nei Arbitter) :**

D'RefCom ass enttäuscht iwwert déi kleng Zuel vu Kandidaten, déi sech fir den neien C-Cours ageschriwwen hunn. 6 Kandidaten, dovunner der nëmmen 3 ënner 30, entsprécht leider net dem Minimum dee vum ENEPS verlaangt gëtt, fir de Cours ofzehalen. Fir déi puer Kandidaten awer net ze verléieren, gëtt probéiert si mat erfuerenen Arbitter op Matcher ze setzen, wou si dann Erfahrung sammelen kënnen.

D'RefCom freet an dem Kontext nach eng Kéier all Club intern Reklamme ze maachen, a probéiert am Summer de Cours frësch ze lancéieren.

3) **Formation continue :**

Déi nächst Formatioun fir ALL Arbitter ass de 05.03.2022 vun 09h00-12h00 zu Stroossen an der Maison des Sports.

Och während dem FLH Final4 si verschidde Formatioune mat EHF Delegué a Lekturer programméiert.

4) **Make Refereeing famous :**

Fir den Arbitrage méi an d'Ëffentlechkeet, an esou den "Job" als Arbitter méi no bei d'Leit ze bréngen, plangt d'RefCom an nächster Zukunft verschidden Infoen a Reklammen an aner Saachen op dene verschiddenen elektronesche Medien ze lancéieren (Facebook, Instagram, TikTok,...). De Sabien Weber huet sech der Saach ugeholl.

5) **Zukunft Arbitrage :**

Den 08.03.2022 huet d'RefCom eng Versammlung mam Responsabele vum "Zukunftsdësch" fir iwwert déi aktuell Problemer (ze wéineg Arbitter) an d'Zukunft vum Arbitrage ze diskutéieren fier eventuell eng Léisungen ze fannen.

6) **Tester Ufank Play-off :**

D'RefCom ass enttäuscht iwwert déi net all ze gutt lescht Resultater vun de Laf- respektiv Reegeltester. E puer Leit louchen ënnert dem Minimum an anerer waren ofwiesend.

Déi Arbitter si kontaktéiert ginn a MUSSE kucken, dass si bis de 07.03.2022 "en règle" sinn. Déi Arbitter déi bis dohinner de Minimum net erreegt hunn, ginn net méi fir AXA-League, respektiv H-PORE nominéiert.

7) **Sport- a Beweegungstraining :**

Ënnert dem Motto "zesumme Sport" kuckt d'RefCom, Trainingsowender fir d'Arbitter ze organiséieren. De Sabien Weber huet sech der Saach ugeholl.

8) **Stage Ufank Saison 2022-2023 :**

De Stage fir Ufank Saison 2022-2023 ass vum 26.-28.08.2022 geplangt. ALL d'Arbitter si gefrot sech déi Deeg hefir ze reservéieren. Den Teambuilding, SBO an eventuell nei Reegele stinn um Programm.



- 9) **Saisie Arbitter am H4a :**
All déi Arbitter déi a Fro komme fir AXA-League ze pëifen, kréien an der nächster Zäit eng Email fir sech beim H4a (Handball 4 all) unzemellen. Dëst ass en vue vun enger Automatiséierung an e besseren Iwwerbléck vun der Besetzung. Wann alles richteg um Lafen ass, hunn d'Arbitter dann d'Méiglechkeet hier Dispositiounen selwer eropzelueden an Nominatiounen fir d'Matcher ze confirméieren.
- 10) **Nei Delegué :**
D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei refcom@flh.lu mellen.

Nächst RefCom Dënschden den 31. Mäerz 2022 um 18h30 zu Stroossen